ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 5. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Rezent konnt een an de Medie liesen, datt Persounen, déi an engem Appartementshaus vun der Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM) um Kierchbierg wunnen, mat massive Problemer konfrontéiert sinn. Et gëtt notamment vun enger héijer Fiichtegkeet, Schimmel, a beschiedegte Fënstere geschwat. Doduerch si verschidde Bewunner och mat Symptomer, ewéi z.B. Kappwéi, geplot. E weideren Awunner huet beriicht, datt hie wéinst dem Kaméidi vun de futtisse Fënsteren net méi a senger Schlofkummer konnt schlofen. D'Bewunner hunn den Ament och net d'Gefill, datt d'SNHBM hinne wierklech entgéint kënnt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Ass den Här Minister iwwert déi uewe beschriwwe Faiten am Bild?
2. Wéi gedenkt den Här Minister ze reagéieren, fir dës fir d'Bewunner inakzeptabel Zoustänn ze eliminéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten